



1836 - Demande de pétition publique : *Offenlegen jeglicher vorhandener Informationen über sogenannte UAP (Unidentified Aerial Phenomena, früher auch UFO genannt). Divulgation de toute information disponible sur les « phénomènes aériens non identifiés » (UAP, anciennement appelés OVNI).*

Dépôt : Christophe Schmit, le 08.03.2021

(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)

3. 7766 - Proposition de loi ayant pour objet la mise en place d'un régime temporaire de revenu de remplacement en faveur des travailleurs indépendants dans le cadre de la pandémie Covid-19

7771 - Proposition de loi relative à la procédure de collecte des signatures en vue d'un référendum prévu à l'article 114 de la Constitution et portant modification de la loi modifiée du 4 février 2005 relative au référendum au niveau national

Déclaration de recevabilité

An hirer Reunioun vum 4. März 2021 huet sech d'Präsidentekonferenz fir d'Recevabilitéit vun zwou Propositionen de loi ausgeschwat: Et handelt sech ëm d'Proposition de loi 7766 iwwer en temporäert Ersatzgehalt fir Independanten, déi den 10. Februar vum Här Marc Spautz deponéiert gouf, an ëm d'Proposition de loi 7771 iwwert d'Prozedur vun der Ënnerschrëftesammlung am Kader vun engem Referendum, déi den 19. Februar vum Här Fernand Kartheiser deponéiert gouf. Schléisst d'Chamber sech dem Virschlag vun der Präsidentekonferenz un, d'Propositionen de loi 7766 a 7771 als recevabel ze erklären?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

(La proposition de loi n° 7766 est renvoyée à la Commission des Classes moyennes et du Tourisme et la proposition de loi n° 7771 est renvoyée à la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle.)

4. Dépôt d'une proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés par M. Marc Spautz

Ier mer zum Ordre du jour vun haut kommen, géif ech dem Här Marc Spautz d'Wuert gi fir den Depot vun eppes. An da si mer gespaant! Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

■ **M. Marc Spautz (CSV).**- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wollt haut vun der Geleeënheet profitéieren, fir eng Proposition ze maachen, fir eist Reglement ze änneren.

Ech erkläre mech: Ech géif gäre proposéieren, dass mer am Artikel I den Artikel 61, an am Artikel II den Artikel 62 an 63 géifen änneren. Ech kann lech och soen, wat dat ass: Do geet et ëm den Depot vu Proposition-de-loien. Well déi Prozedur, déi mer elo just haten, wou de President och elo grad drop higewisen huet, déi ass kontraproduktiv oder ka kontraproduktiv sinn.

Ech erkläre mech: Fir d'éischt muss eng Recevabilitéit erkläert sinn, da ka se eréischt op den Instanze-wee goen. Zwou Proposition-de-loien, déi gemaach gi sinn ... eng dovun hu mer elo de Mëtten ugeholl, déi ass den 10. Februar gemaach ginn - dat ass iwwer ee Mount hier! An déi betrëfft awer dat Gesetz iwwert d'Aidë vun der Classe moyenne, wou d'Madamm Hartmann Rapporteur ass, well dat berëfft sech op d'Virleefegesetz vun deem Projet. An dat selwecht ass mat där Proposition de loi, wou ech d'Chance hat, schonn de 27. Januar den Depot ze maachen. Déi ass den 9. Februar hei am Plenum fir recevabel erkläert ginn, a si ass den 2. März am Staatsrot ukomm - dat sinn iwwer 21 Deeg! An och déi bezitt sech op dat Gesetz vun den Aidë vun der Classe moyenne, wou mer elo amgaang sinn, d'Reform ze maachen.

Wann déi eng och alt zougänglech war um Site vun der Chamber, esou ass déi aner, déi mer de Mëtte fir recevabel erkläert hunn, bis elo - iwwer ee Mount - net zougänglech gewiescht fir den normale Publikum. An ech mengen, dass dat awer net gutt ass an dass dat net am Interêt vun den Deputéierten ass.

D'Chamber ass jo dofir do, fir d'Regierung ze kontrolléieren. Mee och en Deputéierten huet laut Verfassung d'Recht, Propositionen ze maachen a Gesetzesvirlagen eranzeginn. Wa se awer dann esou laang brauchen, bis se op den Instanzewe kommen, ass dat net gutt!

An duerfir géif d'Reglement an där Proposition, déi ech hei maachen, geännert ginn, soudass d'Prozedur, wéi se bis elo ass, géif ofgeschaaft ginn, a soudass et domadder och méiglech wier, dass een déi Proposition-de-loie vill méi séier op den Instanzewe kréich - an déi wieren och direkt virugaangen

un de Staatsrot, an déi wieren och direkt virugaangen un d'Beruffschamberen. Dann huet d'Majoritéit jo nach ëmmer d'Méiglechkeet, dat herno net ze stëmmen, mee op d'mannst ass d'Initiativrecht vun engem Deputéierten gewährleistet.

Well normalerweis ... An dat kënn Der bei de Kolleegen aus dem Staatsrot nofroen - an déi méi stänneg heibannen, déi schonn e bësse méi laang dobäi sinn, déi wëssen dat -: Eng Proposition de loi, déi dat selwecht Thema behandelt wéi e Gesetz, déi gëtt ëmmer gemeinsam behandelt vum Conseil d'État, an duerno ass se och opgehuewen, wann deejéinegen, deen déi Proposition de loi gemaach huet, sech doran erëmfënn.

An dat, Dir Dammen an Dir Hären, léif Frënn, ass bei deenen zwou Proposen, déi ech d'Chance hat, däreifen ze maachen - an déi zwou hunn dat selwecht Gesetz concernéiert -, net geschitt; well den Avis ass do, do ass d'Kommissioun amgaang drun ze schaffen, an de Rapport soll och dës Woch respektiv e Méindeg kommen. Mee de Staatsrot kann iwwert déi zwou Propositionen de loi, déi do mat erafalen, keen Avis méi ofginn. Déi eng hu se de leschten Dëschdeg kritt an déi aner, wann et elo gutt geet, wann et den Owend op den Instanzewe geet, kréie se dann an dräi Wochen. Ech hoffen, dass mer d'Gesetz awer bis dohinner gestëmmt hunn! Soss wier et net gutt fir déi Leit, déi dovun betraff sinn.

An duerfir géif ech proposéieren, d'Reglement dohigeeënd ze änneren, wéi gesot, dass mer den Artikel 61 einfach géife suppriméieren, an dass mer dann eng ganz aner Prozedur géife maachen, fir dass et, soubal wéi den Depot gemaach ass, weidergeet bei d'Regierung, dass et weidergeet bei d'Beruffschamberen an dass dann och deementspreechend déi Proposition-de-loien an déi richteg Gesetzter kënnen matafleissen.

Dat gesot, Kolleeginnen a Kolleegen, géif ech dem President déi Proposition iwwerginn. Villmools merci.

7786 - Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés relative aux propositions de loi

■ **Mme Octavie Modert (CSV).**- Très bien!

■ **Plusieurs voix.**- Très bien!

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Spautz.

(La proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés sera renvoyée à la Conférence des Présidents.)

5. Ordre du jour

Den Ordre du jour vun haut, esou wéi d'Présidentekonferenz e virschléit, ass lech zougestallt ginn. Ass d'Chamber mat dësem Ordre du jour averstanen?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

6. Changements de composition de commissions parlementaires

Wat d'Zesummesetzung vun de parlamentaresche Kommissiounen ubelaangt, hunn ech folgend Ofännerunge matgedeelt kritt:

An der Commission de la Famille et de l'Intégration ersetzt d'Madamm Simone Asselborn-Bintz d'Madamm Francine Closener fir de Volet Intégratioun a gëtt deemno volle Member.

An den Här Gilles Baum gëtt Member vun der Commission du Règlement.

Ass d'Chamber mat dësen Ännerungen averstanen?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

7. Heure de questions au Gouvernement

Haut de Mëtteg huet d'Chamber eng Froestonn un d'Regierung.

A mir géifen ufänke mat der zweeter Fro, well d'Madamm Reding nach kuerz zrëckgehalé gouf, der Fro Nummer 195 vum Här Gusty Graas un d'Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung iwwert déi rezent Waasservernachschtung vun der Atert. Här Graas, Dir hutt d'Wuert.

- Question n° 195 du 5 mars 2021 de M. Gusty Graas relative à la récente pollution de l'Attert, adressée à Mme la Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

■ **M. Gusty Graas (DP).**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, Madamm Minister, effektiv war een d'lescht Woch erëm konfrontéiert mat enger gréisserer Waasserpollutioun, an dës Keier war et d'Attert, déi betraff war. An et ass e bësse méi e spezielle Fall, aus deem ganz einfache Grond, well d'Ursach u sech eng Biogasanlag ass, awer an der Belsch, um belschen Territoire. Do ass et zu

engem Sickerbrand komm, an doduerch ass do vill Biomassofwaasser fräigesat ginn. Dat ass dann iwwer gewëssen Ëmwëer schlussendlech och an d'Attert komm. An do ass dann natierlech Alarm geschloe ginn, well sech an den Deeg duerno och erausgestallt huet, datt et sech net nëmmen ëm eng kleng Pollutioun gehandelt huet, mee ëm eng ganz grouss, och mat ganz villem Fëschstierwen.

Dowéinst wollt ech eng Rei Froen an deem Kontext un d'Madamm Ministesch stellen.

Fir d'éischt emol iwwert d'Envergure vun där Pollutioun, well do d'Meenungen e bëssen ausernee ginn: Deen ee schwätzt vu 25.000 Liter, déi ausgelaf sinn, deen anere schwätzt vun e puer honnertausend Liter. Ech ginn dovun aus, datt een elo awer vläicht schonn e bësse méi kloer gesäit.

Dann awer och: Wéi héich ass de Schued? Wat ass u sech elo wierklech geschitt?

Eng drëtt Fro ass awer och: Wéi war d'Koordinatioun? Well mir sinn hei e bëssen an enger spezieller Situatioun, well, wéi gesot, den Auteur vun der Pollutioun jo op belschem Territoire ass. Inwiefern ass do awer och ganz séier mat deene Lëtzebuerger Autoritéiten zesummegeschafft ginn? Inwiefern ass och reagéiert ginn, fir do awer och esou vill wéi méiglech däers Ofwaasser opzepompelen? Well mer wësse jo awer, wann et an de Waasserlaf kënn, datt doduerch eng ganz staark organesch Pollutioun entsteet, mat all deene Konsequenzen, déi ee kennt, net nëmme fir de Fëschbestand, mee doriwwer eraus mat Sécherheet och fir d'Macroinvertebraten.

Dann eng véiert Fro ass u sech: Wat fir eng Méiglechkeeten huet de Lëtzebuerger Staat och elo, fir hei virzegoen? Well mer jo awer hei e Problem hunn, deen en transfrontaliere Charakter huet. An ech ka mer jo awer bal net virstellen, datt de Lëtzebuerger Staat hei elo einfach nëmmen nokuckt.

Dann däreif een net vergiessen, dat ass eng fënneft Fro: Ech mengen, den 1. Abrëll ... déi, déi e bëssen eppes vu Fëscherei kennen, wëssen, datt dann d'Frell opgeet. Mir wëssen, datt op der Atert ganz interessant Louse sinn, ganz deier Louse sinn. Déi Leit hunn hire Spaass natierlech elo scho verduerwe kritt, ier et emol iwwerhaupt lassgeet. Inwiefern kann een elo awer och deene Leit entgéintkommen? Inwiefern kënnen se awer mat Indemnitéiten rechnen?

An da vläicht awer och nach eng ofschléissend lescht Fro, déi bezitt sech dann op déi Installatiounen, déi mir hei zu Lëtzebuerg hunn: Inwiefern ass do awer eng Ofsécherung garantéiert, fir datt esou e Problem net vläicht och bei enger Biogasanlag op Lëtzebuerger Säit ka virkommen? Hei schéngt et jo och esou ze sinn, datt d'Reckhaltebecken - an dat ass jo e Problem, dee mer hei zu Lëtzebuerg an och op anere Plaze kennen -, net déi Gréisst hat, déi et am Fong geholl hätt missen hunn. Dowéinst hoffen ech, datt dat hei zu Lëtzebuerg awer aneschtens gereegelt ass an och besser ausgesäit.

An, wéi gesot, duerfir wier ech frou, Madamm Minister, wann Der mer kéint op déi puer Froen eng Äntwert ginn. Ech soen lech Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools, Här Graas. D'Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung, d'Madamm Carole Dieschbourg, huet d'Wuert.

■ **Mme Carole Dieschbourg, Ministre de l'Environnement, du Climat et du Développement durable.**- Bon, dem Här Graas fir d'éischt emol e grouss Merci fir déi wichteg Fro, well in der Tat schwätze mer hei vun enger gréisserer Pollutioun. Nom Accident gouf et u sech en Deversement, souwuel an d'Attert wéi och an e Weier, wou direkt duerno d'Agente sur place zesumme mat de belschen Nopere koordinéiert hunn, zesummen awer och - an dat betrëfft dann de Volet vun der Koordinatioun - mat engem CGDIS, zesumme mat der Natur- a Bëschverwaltung. An duerno, den Dag drop, goufen och zesumme mat der Police Prouwe geholl a Mesuren an d'Wëer geleet, fir op där enger Säit d'Waasser ofzepompelen, wat déi Weieren ugeet, wou dann Acteure geruff gi sinn, déi dat professionell maachen, an op där anerer Säit goufen awer och laanscht d'Attert Moossstationen gemaach. Et gouf elektresch gefësch, fir einfach de Schued ze gesinn, deen entstanden ass. Duerch déi héich Konzentratioun vu Stéckstoff, Ammoniak, wat dann héich géfteg fir d'Fësch ass, gesi mer, dass net nëmmen d'Fësch stierwen, mee dass hei u sech och dat ganzt Liewen an der Atert betraff ass.

Also d'Koordinatioun war esou: Direkt den 2. März war d'Waasserverwaltung do, an dann, en cours de route, goufen direkt natierlech déi belsch Kollege kontaktéiert an awer och déi aner Administratiounen, och hei zu Lëtzebuerg. An all deene Leit natierlech e ganz grouss Merci, dass si ëmmer, wann esou Saache sinn - déi leider eebe geschéien, well et Accidenter sinn -, sur place sinn, direkt disponibel sinn an déi Saache ganz kloer suivéieren. Well ee Volet ass jo och, dass mer elo genau dokumentéieren - an dat opgrond vun deem Fëschen -, de Schued uerdentlech ophuelen, fir dann op den

zweete Volet ze kommen, deen éischter juristeschen: Wat kënn elo?

„Wat kënn elo?“, war d'Fro. Majo, do ënnerscheede mer u sech de strofrechtleche Volet, wou op béide Säiten, an der Belsch an awer och hei zu Lëtzebuerg, e PV opgestallt gouf, a wou dat elo un de Parquet weidergeleet ginn ass. An dat wäert dann och säi Wee maachen.

An da schwätze mer awer op engem zweete Wee och vum administrative Volet, vun enger Responsabilité environnementale - och eng Gesetzgebung. Do muss een awer kloer soen: Dat ass eng Direktiv, an dat, wat eng Ëmweltministesch ka maachen an engem Betrib kéint soen, wat e misst maachen, dat endegt un der Grenz.

Dofir hunn ech dann och Kontakt mat der belscher Kolleegin opgeholl, dem Céline Tellier. An elo kucken eis Juriste gemeinsam, well et géllt natierlech och, dass si op hirem Territoire kënnen Preventioun maachen, esou wéi mir bei eis jo och kucken, wéi et ass mat preventive Mesuren, awer och mat deem, wat duerno geschitt. Dir erënnert lech un Accidenter aus dem Passé, wou u sech hei op béide Säite muss gekuckt ginn, wat um jeeweilegen Territoire ka gemaach ginn. Op där enger Säit, fir dass gekuckt gëtt: Wat ass elo geschitt? Op där anerer Säit ëmmer, dass och de preventive Volet, fir der Waasserverschmutzung virzebeugen, eebe respektéiert gëtt, a wat een do dann och iwwerhaupt fir Oplage maache kann, fir dass dat an Zukunft net méi geschitt.

Dir wësst, dass mer do hei zu Lëtzebuerg, wann et ëm Zone-d'activitée geet, wann et ëm Betriber geet, kloer Oplagen hunn, dass d'Retentionsbecke mussen fonctionéieren. An Dir wësst, dass dat an deene leschte Jore grad eeben och zum Beispill am Raum Beetebuerg eng vun deene grouss Source-de-pollutione war, wann Accidenter waren an dann déi Opfangbecken net fonctionéiert hunn. Do muss mer ganz massiv dru schaffen. Dat fir dee Volet.

Wat huet also de Lëtzebuerger Staat fir Méiglechkeeten? Op där enger Säit wäert bei eis genoe suivéiert ginn, op där anerer Säit kucke mer natierlech iwwert d'Grenz ewech.

Wat d'Fëscherei ugeet, do muss mer elo kucken. Et ass esou, dass hei wierklech massiv Fësch kaputtgaange sinn, dat heescht, do wäerte mer elo dann de Suivi garantéieren. Ech kann lech haut leider keen ofschléissende Rapport maachen, well mir sinn nach drun, dat dote final ze analyséieren, fir dass wierklech d'ganz Envergure bekannt ass. Dat ass haut nach e Stéckelchen ze fréi. Meng Leit soe mer, dass se nach dru sinn, mee da kënnen mer dat ... Herno wäerte mer dann eng richteg Konklusioun mat allen Donnéeë kënnen suivéieren, fir dass hei deem Rechnung gedroe gëtt, wat wierklech geschitt ass.

Merci.

■ **M. Fernand Etgen, Président.**- Merci villmools der Madamm Ëmweltministesch Carole Dieschbourg.

An da kéime mer un d'Fro Nummer 194 vun der Madamm Viviane Reding un den Aussen- an Europaminister iwwert d'Konferenz iwwert d'Zukunft vun Europa. Madamm Viviane Reding, Dir hutt d'Wuert.

- Question n° 194 du 9 mars 2021 de Mme Viviane Reding relative à la Conférence sur l'avenir de l'Europe, adressée à M. le Premier Ministre, Ministre d'État

■ **Mme Viviane Reding (CSV).**- Merci, Här President. D'Konferenz iwwert d'Zukunft vun Europa, déi ass scho viru Jore virbereet ginn - iwwerall, vun Universitären, vu politesche Parteien, vu Jugendorganisationen, vu wirtschaftlechen Entitéiten. Dat sollt eng Konferenz ginn, wou d'Bierger hire Bäitrag kënnen bréngen, wéi mer dat Europa an Zukunft sollen opbauen.

Dat hätt sollen d'lescht Joer, 2020, ugoen, well Dir wësst jo alleguerten, wat d'lescht Joer, 2020, war: Do hate mer Covid, do konnte mer net derma ufänken. Mee amplaz dann déi Zäit ze gebrauchen, fir hinzugeen an derfir ze suergen, datt mer alles verfeinere, fir datt mer dann, soubal de Covid ewech ass, kënnen higoen, fir dat opzebauen, hunn eis Staats- a Regierungschefen sech zu Bréissel d'Käpp ageschloen. Wie soll dann elo President ginn? A se sinn net zu engem Schluss komm; esou hu mer net ee President, mer hunn der e puer, mat e puer Vizepresidenten, mat e puer Kommissiounen. Dat heescht, mir hunn e risegen Opbau, an dat Ganzt mécht kee Sënn. Dat Ganzt mécht nëmme Sënn, wann een denkt, datt et misst séier fäerdeg gi fir d'Fréijoer d'nächst Joer, fir datt de President vu Frankräich et kann a senger Walcampagne gebrauchen.

Jo, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dat war awer net dat, wat mer gebraucht hunn! D'Zukunft vun Europa ass eis wichteg, an déi muss mer mat eise Leit, mat de Leit dobaussen, mat deene Jonken, mat deene manner Jonken, mat deenen Alen diskutéieren an eng Solutioun fannen.